ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 17. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Bauer produzéiert ë.a. landwirtschaftlech Basisprodukter, déi am weidere Verlaf op villfälteg Manéier verschafft a fir de Konsument ugebuede ginn. Zu dëse Basisprodukter zielen ë.a. Fleesch, Mëllech, Kären, Eeër, Geméis asw.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Huet den Här Minister eng Oplëschtung, wéi vill Sue vun deene vum Bauer produzéierte Basisprodukter nom Verkaf wierklech fir de Bauer bleiwen, am Hibléck op folgend Produkter: Mëllech, Fleeschprodukter, Kären, Eeër, Geméis (virun allem Gromperen)?
2. Wa jo, kann den Här Minister eis déi Oplëschtung matdeelen?
3. Wann nee, wär den Här Minister bereet, esou eng Lëscht opzestellen an dës der Chamber zoukommen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten